

# Da riicht emol 77 Wandmillen am Minett op!

Äntwert op den Artikel „Don Quichotte in Bürden“

Eent wëll am Virus soen, datt ech näischt géint eng Wandmillen hunn, wéi mir se hei am Éislek masseg stoen hunn. Léiwer e puer Wandmille wéi en Atomkraaftwierk op der Dier!

Trotzdem ginn ech de Bierger vu Bierrecht. Ech si mer och zu 100 Prozent sécher, datt den Här Charel Knaf net betraff ass vun esou enger Wandmillen. Mir hunn och dräi där Wandmillen 800 Meter vun eisen Dierfer, Dol a Nacher, op d'Nues gesat kritt. Hätte mir et gewosst, wärem mer warscheinlech och op d'Barrikade geklommen.

Ëm des Zäit huet een nuets seng Schlofzëmmerfënster op, a wann et da schéi roueg ass, wéi et eben bei eis am Éislek ass, kann een se héieren, déi ominéis Infraschallwellen, wéi Dir se nennt. Wann Dir dat mat Mieresrausche wëllt vergläichen, fannen ech dat dach e bësse wäit hiergeholl. Nee, ech fannen dat nëmme lachhaft! An dass Dir eis Éisleker mam Don Quichotte de la Mancha, Ritter von der traurigen Gestalt, vergläicht, fannen ech perséinlech eng Frecheheit. Et geet net nëmme Ëmweltfrëndleche Fortschrétt, ma et geet an deem Fall och ëm Liensqualität.

Mir hunn am Éislek 77 desere Wandmillen stoen. Ech fannen, datt mir Éisleker eise Beitrage leeschten. Dee meeschten erneierbare Stroum kënn aus dem Éislek, an dee meeschte gëtt am Minett verbraucht, oder? Et geet elo duer, mir hunn der genuch hei. Eist schéint Éislek ass verschampelëiert genuch! Firwat frot Dir Iech net, wou dann déi sëllege Wandmillen am Minett sënn? Wéi gesi Dir et dann do mat deem ominéisem ëmweltfrëndleche Fortschrétt? Elo kommt mer och net domat, datt dat alles Naturschutzgebidd am Minett wieren. Hei



Firwat Wandrieder virun allem am Éislek an och an Naturschutzgebidd opgeriicht ginn, freet den Auteur vun dem Lieserbrëif.

Foto: Gerry Huberty

am Éislek huet keen eppes dru fonnt, datt déi Wandmillen an Naturschutzgebidd an Naturresewvater opgeriicht goufen, Dir net an och net Déi Gréng!

An esou CO<sub>2</sub>-neutral sënn déi Wandmille guer net. Informéiert Iech emol. Dat ass wéi mam Biosprit. Fir dee Biosprit goufen z.B. a Sri Lanka a Malaysia ganz Urbëscher plattgemaach. Net anescht ass et mam Elektroauto. Wat hu

mer der Ëmwelt do gelescht?

Dese Gedanken ass ower net nëmme un den Här Knaf geriicht, ma och un all Regierungsmember, déi jo alles gréng an elektresch wëllen hunn. Wann Der esou vill op Gréngt an Elektresch wëllt setzen, da riicht et emol 77 Wandmillen am Minett op! Mol kucken, wéi déi Leit am Minett dozou stinn. Och mat deene Wandmille wäert Dir de Stroum hei am

Land net decke kënnen mat deem, wat Dir wëlles hutt. Neen, op déi Manéier férdert Dir just Atom a Kuelekraaftwierker, déi dann och net hei am Land opgeriicht wäerten ginn. D'Haaptsaach ass, mir fueren elektresch. Ass dat wierklech deen ominéisem ëmweltfrëndleche Fortschrétt? Fir mech kann de Wee net nëmme elektresch sënn!

Jean-Claude Lahyr  
Dahl

## D'ou cet acharnement destructif aveugle?

Honte aux autorités qui de nos jours, en conflit entre elles, n'ont pas su préserver ni sauver du côté de Heisdorf ce bâtiment imposant, en parfait état de conservation, d'anciennes écuries seigneuriales, arborant fièrement le millésime 1645, époque dite espagnole, où le Duché de Luxembourg dépendait des Pays-Bas sous l'égide des Habsbourg d'Espagne.

La question doit être posée: d'ou cet acharnement destructif aveugle qui depuis tant d'années anime nos gouvernants sur le plan tant national que local? D'ou cette obsession, ce manque de respect pour le passé et les témoins du passé? Serait-ce parce que cette nation est trop jeune, son histoire de pays autonome trop récente pour avoir fait naître un sentiment identitaire, un esprit conservateur, un attachement aux acquis des siècles vécus sous les bannières de puissances étrangères?

Pour mémoire: encastré aujourd'hui dans le château de cartes dit UE, le Grand-Duché doit son existence comme par miracle à un bref article 65 de l'Acte Final du Congrès de Vienne du 9 juin 1815. Je parle de miracle, d'aucuns, sans doute jaloux et malintentionnés, préfèrent évoquer un accident de parcours...

Quoi qu'il en soit, pour revenir au bâtiment historique aujourd'hui pleuré, dépecé et éliminé, est-ce l'ironie du sort ou le sort de l'ironie?

Marc Modert,  
Luxembourg

## A wie laacht dann do?!

Wéi deen onbeschreifleche (geféierleche) Jauka vun déi Sait dem grouse Pull getut huet, si hätten net esou vill Infektiounsfall, wann si net esou sëllege giffen testen, huet een natierlech de Kapp gereselt. Reng statistesch hat hien esouguer recht (cf. Winston Churchill); wann si deemno iwwerhaupt net getest hätten, dann hätten si deer „Logik“ no nix Covid-19. Elo geet d'Mask him ower nawell gutt; a wann et nëmme ass, datt si seng Binetteche bal ganz verstoppt; d'Wierklechkeet rennt hien elo mam Fouss bei d'Këscht!

Mat all deem gelungene „Medians“ & Cie gi mir dann elo an de Kaka(o) gezappt... well mir nun emol zevill testen. Lëtzebuerg huet ronn 132-mol manner Awunner wéi Däitschland; mir sinn haut (30.07.) op 420 000 Tester; dat méich relativ fir si ronn 55 Milliounen Tester. Si sinn nach net emol bei 20 Milliounen! A mir kréien d'Kasserol ugehaang! Wéi ass et dann hei mam Geescht?

D'Schinn vun deer Logik ass genee déiselwech wéi deem, do iwwer seng.

Loosst mer hoffen, datt eise „Jang national“ dem däitsche Botschafter den Dicks zerguttst richt... a Madame Lenert: Maacht Dir Är tiptop Aarbecht konsequent weider... wie vun de Kregéiler wëllt se dann hunn?

Lex Roth  
Lëtzebuerg

# Don Quichottes Kampf gegen die Windmühle?

Stellungnahme zum Leserbrief „Don Quichotte in Bürden“ im LW vom 1./2. August 2020

Der Verfasser des Leserbriefs „Don Quichotte in Bürden“ lässt gleich von Beginn seiner Ausführungen an keinen Zweifel an seiner verächtlichen Grundhaltung gegenüber den Einwänden der

Bürger der Ortschaft Bürden gegen den geplanten Bau des größten Windrades dieses Landes in unmittelbarer Nähe ihrer Häuser.

Im besagten Leserbrief heißt es, die betroffenen Bürger wollten sich „auf keinen Fall den wunderschönen Blick von den Bürdener Höhen auf die Kühltürme des Atomkraftwerks Cattenom durch eine Windmühle verbauen lassen...“, und der Verfasser stellt die Infraschallwellen eines >230 Meter hohen Windrades mit dem angenehmen Meeresrauschen gleich, das an den „Küsten dieser Welt massenhaft zur Erholung aufgesucht wird“.

Dabei haben die Einwohner Bürdens nur von ihrem Recht Gebrauch gemacht, ihre Kritik am geplanten Projekt zu formulieren und an die verantwortlichen Instanzen weiterzuleiten.

Diese Initiative bringt ihnen nun den spöttischen Vergleich mit Cervantes' Ritter von der traurigen Gestalt ein und den Vorwurf, „die Notwendigkeit eines altruistischen und umweltfreundlicheren

Fortschritts für unsere Zivilisation definitiv nicht erkannt“ zu haben.

Den Kritikern dieses in seiner Dimension bisher einmaligen Projekts wird unterstellt, sich umweltfreundlichen Energie-Alternativen im Allgemeinen zu widersetzen und für sich „mit sehr fragwürdigen Argumenten den Status eines Freilichtmuseums zu fordern“.

Die Kritikpunkte der betroffenen Anwohner werden hier pauschal mit einer Ablehnung des technischen Fortschritts im Bereich der umweltfreundlichen Energiegewinnung gleichgesetzt.

Dabei lässt sich meines Erachtens nach die Kritik der „Nimby-Fraktion aus Bürden“ nicht derart geringschätzig abwerten.

Die gewählten Vertreter der Gemeinde Erpeldingen-Sauer haben selbst in einer offiziellen Stellungnahme fristgerecht gegen die Errichtung der besagten Windmühle Stellung bezogen. In einer ausführlichen Argumentation wird dabei ein Alternativ-Standort vor-

geschlagen, der nur wenige bis gar keine Beeinträchtigungen für die ansässige Bevölkerung zur Folge hätte.

Ob sich hier im Rahmen der Nordstad eine Möglichkeit der gemeinschaftlichen Problemlösung finden lässt, bleibt dabei abzuwarten. In keinem Fall darf hier eine pauschale Vorverurteilung „der Protestler aus Bürden“ stattfinden, die mit ihrer legitimen Besorgnis um das Wohl ihrer Familien in besagtem Leserbrief an den Pranger gestellt werden.

Das demokratische Grundrecht der Bürger, sich im Rahmen einer Commodo-Incommodo-Prozedur kritisch zu äußern, dürfte nicht zu einer derart herablassenden Stellungnahme in der Öffentlichkeit führen.

Inwiefern nämlich in dieser Angelegenheit die Argumentation der einen oder der anderen Seite sachlich begründet ist oder nicht, bleibt dem Urteil anderer Instanzen überlassen.

Romain Pierrard  
Ingeldorf

### Leserbriefe bitte an: wort@wort.lu

Leserbriefe stellen keine redaktionelle Meinungsäußerung dar, sie dürfen gekürzt und auch digital veröffentlicht werden. Die Länge der eingereichten Texte soll auf 3 000 Zeichen begrenzt werden. Briefe ohne Nennung des vollen Namens sowie des Wohnortes werden nicht veröffentlicht. Bitte geben Sie für Rückfragen Ihre Adresse und Telefonnummer an. Die Leserbrief-Redaktion des „Luxemburger Wort“ erreichen Sie per E-Mail an wort@wort.lu oder postalisch unter der Adresse: „Luxemburger Wort“, Leserbriefe, 2, rue Christophe Plantin, L-2988 Luxembourg.

Fondation  
Luxembourg Air Rescue  
BILLULL  
LUB4 0020 1167 9560 0000